ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11. Februar 2019

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister a Minister fir d'Kommunikatioun an d'Digitaliséierung, d'Madame Ëmweltminister, den Här Wirtschaftsminister, an den Här Energieminister an den Här Bausch, Minister fir déi bannescht Sécherheet däerfen ze stellen. Si betrëfft de méiglechen Datenzenter vu Google zu Biissen.

Zenter ronn anerhalwem Joer gëtt zu Lëtzebuerg iwwer déi méiglech Implantatioun vun engem groussen Datazenter vun der Firma Google geschwat. Am Kader vum allgemenge Bebauungsplang vun der Gemeng Biissen leeft momentan d'Ëmklasséierung vum Areal wou de Google-Datazenter hikomme soll. Déi betraffe Gréngzoon soll dobäi an eng „Zone Spéciale Datacenter" emklasséiert ginn. De Mouvement Ecologique huet sech elo géint e Reklassement vum betraffene Site ausgeschwat a wëll elo e Recours dergéint aleeën. Der Ëmweltorganisatioun no bleiwen zevill Froen net beäntwert. Zemols wat den Impakt op d'Ëmwelt ugeet.

Dofir wéilt ech der Regierung dës Froe stellen :

1. Éier eng Ëmklasséierung vum 34,7 Hektar grousse Site ka virgeholl ginn, mussen do net virdrun alleguerten déi relevant Fakten wat déi potentiell Ëmweltbelaaschtungen uginn, virleien?
2. Fir de groussen Datazenter ze killen, soll op d'Waasserkillung zeréckgegraff ginn. Dofir si grouss Wasserquantitéite néideg. Ass et vertrietbar datt de Staat respektiv d'Waassersyndikater enger eenzeger Firma déi national Waasser-Reserven zur Dispositioun stellen?(Siew et Drénkwaasser oder Uewerflächewaasser)
3. Déi sougenannt strategesch Umweltprüfung (SUP) déi virläit, wërft grondsätzlech Froen op a wéiwäit de Standuert zu Biissen iwwerhapt mam Natur- a Landwirtschaftsschutz kompatibel ass. Misst d'Regierung dofir net nach eng fondéiert Etude iwwer d'Ëmweltverträglechkeet duerchféieren éier, de Fall gesat, de Site reklasséiert gëtt?

4. An der ëffentlecher Prozeduer erlaaben et déi fir de Public zougänglech Informatioune bis elo net datt sech d'Birger an d'Birgerinnen e komplett Bild maache kënnen ob des mat den Ziler vum nationalen Aktiounsplang fir eng nohalteg Entwécklung kompatibel sinn. Wéi steet d'Regierung dozou?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten